GEMENG KIISCHPELT
Berodent Auslännerkommissioun
7, op der Gare L-9776 Wilwerwiltz
Tél. 92 14 45
Fax 92 06 15

Léif Matbierger aus der Gemeng Kiischpelt,

an Zesummenaarbecht mam Schefferoot vun der Gemeng Kiischpelt, bidd déi berodent Auslännerkommissioun een neien Service fiir **all** d'Awunner vun eiser Gemeng un.

Vum 15. Mee 2007 un stelle mir Iech deen neien kommunalen Service zur Verfügung, den

lokalen Ambassadeur

All eis Awunner, egal op sie déi letzebuergesch oder eng aaner Nationalitéit hunn, können vun desem Service profitéieren.

Dir könnt Iech un Ären Ambassadeur wenden, an däer Sprooch déi Iech am geleefegsten ass, an an däer Dir Iech am beschten könnt ausdrecken.

Waat sinn d'Haaptfunktiounen vun dem lokalen Ambassadeur?



- De lokalen Ambassadeur kann als Möttelsmann töschend Iech and der Gemengeverwaltung dengen, waat administrativ Froen ubelaangt. Hee kann Iech och behölleflech sinn an Ären Relatiounen mat de verschiddenen staatlechen Administratiounen.

- Am Fall vu Schwierigkeeten, kann de lokalen Ambassadeur töschent Iech an der Gemengeverwaltung vermettelen.

médiateur

- De lokalen Ambassadeur kann lech wichteg Adressen uginn an de Beräicher Schoul a Bildung, sozial Secherheet, Önnerkonft, Kannerbetreiung, … asw.

- De lokalen Ambassadeur kann lech iwersetzen an erklären: administrativ Formulären a Bréiwer vu staatlechen an Gemengenverwaltungen, dem Schoulsyndicat, …asw.

An enger éischter Phase, stellt di berodent Auslännerkommissioun lokal Ambassadeuren a folgenden Sproochen zur Verfügung:

Sprooch	**Nimm vun den lokalen Ambassadeuren**	**Telefonsnummer**
Däitsch	Alwin Geimer, Wilwerwiltz	92 14 28
Franséisch	Jules Barthel, Merkholtz	95 86 45
Letzebuergesch Englesch	Tessy Biver, Wilwerwiltz	92 14 28
Hollännesch	Gerrit-Jan Konijnenberg, Alscheid Michel Willems, Wilwerwiltz	26 95 30 59 92 14 29
Portugiesesch	Elisabette De Oliveira, Lellingen Mario Texeira, Merkholtz	92 93 81 95 71 18

An enger weiderer Phase kënnen och aner Sproochen e lokalen Ambassadeur zur Verfügung gestallt kréien.

An der Hoffnung datt desen neien Service lech kann virunhöllefen verbleiwe mir mat beschte Gréiss.

Armand Mayer
Buurgermeeschter
vun der Gemeng Kiischpelt

Jules Barthel
Präsident vun der berodender
Auslännerkommissioun